



An duerfir proposéieren ech an där Resolutioun d'Schafung vun enger Spezialkommissioun mat der Missioun - dat steet da méi genau natierlech am Text vun der Proposition de résolutioun -, fir déi Situatioun ze analyséieren, déi ekonomesch Situatioun, déi sozial Situatioun, a fir ze ënnersichen, wat fir eng Instrumenter dass mer am Moment hunn, fir kënnen ze intervenéiere respektiv wéi eng nei legislativ oder reglementaresch Instrumenter mer eis kënne ginn, fir op esou Situatiounen adequat ze reagéieren an d'Allgemengwuel virun onberechtigtegte Partikularinteressen ze sécheren.

## Résolution

La Chambre des Députés,

considérant que

- la fermeture du site productif de la Brasserie de Luxembourg à Diekirch et les licenciements massifs annoncés par la direction constitueraient non seulement un drame social pour les salarié/es concerné/es et leurs familles, mais aussi un grave préjudice pour le développement social et économique de la région, et seraient contraires à l'objectif d'une régionalisation cohérente du développement économique;

- le maintien d'une forte activité industrielle est vital pour l'avenir économique et social du Pays;

- ni l'évolution du chiffre d'affaires, ni celle de la demande, ni celle de la productivité, ni celle surtout des bénéfices de l'entreprise ne justifient la fermeture du site et les suppressions d'emplois;

- les licenciements seraient abusifs selon les termes mêmes de notre Code du Travail, puisque non fondés «sur les nécessités du fonctionnement de l'entreprise» (Art. L.124-11, (1));

- la population attend des responsables politiques et notamment de la Chambre des Députés une forte réaction qui soit à la hauteur des enjeux,

décide

- d'instituer, conformément à l'article 18 du Règlement de la Chambre des Députés, une commission spéciale, composée de représentants de tous les groupes et sensibilités politiques, et chargée des missions suivantes:

1. analyser en détail la situation économique de la Brasserie de Luxembourg et du groupe auquel elle appartient;

2. évaluer avec précision les conséquences sociales et économiques d'une fermeture du site;

3. examiner dans quelle mesure le cadre législatif existant permet des mesures d'urgence pour sauver le site, la production et les emplois;

4. élaborer des propositions d'élargissement du cadre législatif et réglementaire permettant d'intervenir rapidement dans des cas comparables;

5. définir une stratégie et un cadre juridique pour garantir la maîtrise de la société sur son développement social et économique.

(s.) André Hoffmann, Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira.

## 5. Ordre du jour (suite)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann.

Kënne mer dës Resolutioun op den Ordre du jour vun dëser Woch huelen?

### (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Dann ass nach eng Wuertmeldung vum Här Jacques-Yves Henckes zum Ordre du jour.

## 6. Dépôt d'une motion par M. Jacques-Yves Henckes

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Jo. Här President, ech wollt och froen, fir eng Motioun ze deposéieren, déi eng Motioun ass, wou mer d'Regierung opfuerderen, fir

eng Stratégie d'achat, fir nohalteg ze kafen am Kader vun de Marchés publics, an och fir e Memo auszuschaffen un d'Administrationen, wéi se sollten akafen. Well do brauch et e bëssen Hëllef.

Déi Motioun ass an der zoustänneger Kommissioun diskutéiert ginn. Ech hat proposéiert, datt déi eenzel Parteien déi kéinte mat ënnerstëtzen. An duerfir deposéieren ech se elo mat den Ënnerschrëften, also mat der Ouverture fir d'Signature vun deenen anere Parteien, wa se dat wëlle maachen.

### Motion

La Chambre des Députés,

- considérant que l'État ne peut ignorer dans sa gestion quotidienne les objectifs de développement durable qu'il souhaite voir prendre en compte par les entreprises et les consommateurs;

- considérant que les dépenses de fonctionnement des administrations doivent apporter une contribution significative face aux défis environnementaux et sociaux;

- considérant que ces dépenses de fonctionnement doivent être économiquement et financièrement efficaces et contribuer au soutien des écoproduits et des écotecnologies;

- considérant que les administrations doivent établir les dispositions assurant la prise en compte des objectifs d'un développement durable dans le fonctionnement des services et des établissements publics placés sous leur responsabilité;

- considérant qu'il y a partant lieu d'établir une stratégie d'optimisation des achats éco-responsables de l'État et des communes incluant le but de réduire les frais de fonctionnement administratifs et les coûts de construction,

demande au Gouvernement

- d'élaborer une stratégie d'achat pour des achats publics durables et un mémo des administrations éco-responsables.

(s.) Jacques-Yves Henckes, François Bausch.

(La motion n'ayant porté qu'une seule signature lors du dépôt, elle a par la suite été co-signée par MM. Eugène Berger, Fernand Boden et Roger Negri.)

## 7. Ordre du jour (suite)

An ech géif och natierlech froen, fir datt déi Motioun op den Ordre du jour vun dëser Woch kënnt, an datt mer da kéinten doriwwer ofstëmmen; hoffentlech mat enger grousser Unanimitéit.

► **M. le Président.**- Den Här Henckes huet also hei eng Motioun deposéiert an e freet, ob déi op den Ordre du jour vun dëser Woch kënnt.

Ass d'Chamber domadder d'accord?

### (Interruption)

Déi éischt huet fënnef Ënnerschrëften.

Här Henckes, hei si just zwou Ënnerschrëften drop. Dir musst also nach dräi Ënnerschrëften...

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Ech hat proposéiert an der zoustänneger Kommissioun, datt se offe wier, fir datt déi aner Parteien, net nuren déi vun der Opposition, mä och déi vun der Majoritéit se mat kéinten ënnerschreiwen. Duerfir steet dat lech zur Verfügung.

Wann Der dat wëllt, da kënnt Der dat maachen. Wann net, hu mer séier nach dräi Ënnerschrëften derbäi. Bis elo huet just nach den Här Bausch mat ënnerschriwwen, mä déi aner...

### (Interruption)

Mir woren alleguerten eens, fir et an deem Sënn ze maachen.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Kommt, mer stëmme muer den Owend driwwer of. Um Enn vun der Sitzung muer stëmme mer doriwwer of.

► **M. le Président.**- Also, den Här Henckes huet elo déi Motioun hei deposéiert. Et ass also d'Méiglechkeet, datt nach do aner Kolleegen déi ënnerschreiwen.

Ech wëll just wëssen: Ass de Plenum hei domadder d'accord, datt mer iwwert déi Motioun diskutéieren, entweder haut oder muer?

### (Interruption)

Den Här Lux, wann ech gelift.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Ech géif proposéieren, datt mer dat muer géife maachen um Enn vun eisem Ordre du jour.

► **M. le Président.**- Ass d'Chamber domadder d'accord?

Den Här Boden, wann ech gelift.

► **M. Fernand Boden** (CSV).- Mir haten dës Motioun, wéi den Här Henckes gesot huet, an der Kommissioun. Mir waren do alleguer d'accord dermat. Se ass ëmgeännert ginn. Och de Minister huet säin Accord ginn. De Minister huet mer gesot, e wär extra haut heihinner komm, well e gesot kritt hätt, déi Motioun wär wahrscheinlech um Ordre du jour. Ech mengen, mir sollen dat direkt maachen. Dat misst a fënnel Minutte färdig sinn.

► **M. le Président.**- Da géif ech, wann d'Chamber domadder d'accord ass, d'Wuert dem Nohaltegkeetsminister, dem Här Wiseler, ginn.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Wann Dir eens sidd, mir schléissen eis un, Här President.

► **Une autre voix.**- Maja.

► **M. le Président.**- Här Nohaltegkeetsminister, Dir hutt d'Wuert.

## 8. Motion de M. Jacques-Yves Henckes relative à la stratégie d'achat pour des achats publics durables et un mémo des administrations éco-responsables

► **M. Claude Wiseler**, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.- Jo. Merci, Här President. Mir haten effektiv eng ganz interessant Diskussioun an der Nohaltegkeetskommissioun iwwert déi do Froestellung, wou et effektiv esou ass, datt een éischten muss wëssen, datt eng ganz Rei vun deene Propositionen respektiv déi Aart a Weis, wéi mer ekologesch Marché-publicë maachen oder nohalteg Marché-publicë maachen, elo an der Gesetzgebung, déi mer 2008 geännert hunn, de toute façon dran ass. Dat heescht, de Prinzip hu mer an eiser Gesetzgebung. D'Méiglechkeete si momentan an der Gesetzgebung virginn.

Elo feelen awer, wann een dat wëllt an d'Praxis ëmsetzen, an dat war de Souci och vun dem Här Henckes a vun der ganzer Kommissioun, déi praktesch Uleedungen.

Déi éischt Uleedung, dat ass, fir am Fong ze soen, mir sollen e Memo ausschaffen, wéi een der öffentlecher Hand - deenen eenzelne Ministèren, mä awer och der Gemeng - ka soen, wéi se soll un esou Saachen erugeen. An do ass et och kloer, datt de Ministère wëllt esou e Memo ausschaffen.

Dat Zweet, dat ass, fir dann och déi eenzel Produkten an déi eenzel Aart a Weisen, wéi een nohalteg akeeft, dann och esou ze preziséieren. Do wësse mer, datt mer de toute façon schonn en ekologesche Leitfaden am Bau hunn, datt och dee fréiere Ministère de l'Environnement den „oekoToppen“ agefouert hat, mat därselwechter Zilsetzung, datt och am Portail des Marchés publics déi Methode mussen ugi sinn, wéi een domadder handelt. An dat muss an engem ganzen Ensembel zesummegefaasst sinn.

Dat ass am Fong dat, wat dës Motioun seet. An duerfir, mengen ech, ass se fir d'Regierung absolut akzeptabel an unhuelbar, a well mer op dee Wee souwisou wëlle goen.

Merci.

► **M. le Président.**- Wie wëllt soss nach zu dëser Motioun Stellung huelen?

### (Interruptions)

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Also, ech weess net, wéi mer hei procédéieren.

► **M. Ben Fayot** (LSAP).- Ass den Här Henckes de Messenger, oder wat?

► **M. le Président.**- Gutt. Den Här Schiltz, wann ech gelift.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Et ass jo scheinbar an der Kommissioun en Accord iwwert den Text vun där Motioun

hei. Duerfir géif ech mengen, datt mer den Text och sollen hei ausdeelen an datt mer en da solle stëmmen. Ech géif awer séier drëm bieden, datt an Zukunft, wa Motiounen aus de Kommissiounen erëmkommen hei an de Plenum, datt dat iwwert de Wee vun der Conférence des Présidents geet.

► **M. le Président.**- Gutt. Ech géif da vläicht proposéieren, datt déi Motioun elo ausgedeelt gëtt an datt mer dann herno zum Vote iwwerginn. Ech géif da proposéieren, datt mer elo emol géife mam Ordre du jour virufueren.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6089 iwwert d'Personal am Enseignement fondamental. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Eicher, Berger, Adam a Kartheiser. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

## 9. 6089 - Projet de loi modifiant et complétant les dispositions de l'article 45 de la loi du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental

### Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Gesetz vum 6. Februar 2009 huet de Stat d'Personal vum Enseignement fondamental iwwerholl. De Projet de loi 6089 handelt iwwert d'Dispositionen vum Artikel 45 vum Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Personal vum Enseignement fondamental.

E puer Donnéeën zu der Geschicht vum Projet. De Projet de loi ass de 24. November 2009 hei an der Chamber vun der zoustänneger Ministesch deposéiert ginn. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet de Projet den 30. November 2009 aviséiert. De Statsrot huet den 18. Dezember 2009 säin Avis ginn. An an der Éducationskommissioun ass de Projet de loi unanime den 21. Januar vun dësem Joer ugeholl ginn.

Dëse Projet de loi ännert op zwee Punkten den Artikel 45 vum Gesetz vum 6. Februar 2009 ëm. Den Artikel 45 definéiert d'Relatiounen zwëschent dem Léier- an dem sozioéducativ Personal, déi net beim Stat agestellt sinn, d'Chargé-de-coursen also, déi am Statut vum Agent communal bei de Gemengen agestellt sinn.

Dës zwou Ännerunge betreffen: éischstens, beim zweeten Abschnitt vum Artikel 45 kënnt derbäi, datt de Montant vun de Personalkäschte vun de Chargé-de-coursen - mir schwätze vu ronn 800 Leit, déi betraff sinn -, deen de Stat wäert bezuelen, net ka méi héich si wéi de reelle Montant, dee vun de Gemenge bezuelt ginn ass. Et ass evident, datt am Artikel 45 preziséiert ginn ass, datt d'Frais de rémunération vun de Chargéen iwwert d'Konventionen tëscht dem Stat an de Gemenge geregelt sinn.

Déi zweet Ännerung mécht et méiglech, dass de Stat d'Part patronale vum Léier- a sozioéducativ Personal iwwerhëlt. Duerch d'Gesetz vum 6. Februar 2009 schafft dëst Personal am Enseignement fondamental, an duerfir missten d'Gemengen dës Ausgabe bezuelen. Fir datt de Stat dës Part vun de Gemenge - mir schwätze vun enger Part patronale vun 20,33% bei de Pensionen - iwwerhuele kann, kënnt een neien Abschnitt 3 derbäi. D'Gemenge ginn also vun dëser Charge entlaascht, well den Enseignement fondamental elo ënner staatlecher Autoritéit ass.

De bestoenden Artikel 3 am ale Gesetz ännert net a gëtt elo den Alinea 4.

Dës Ëmännerungen triede fir d'Schouljoer 2009/2010 a Kraaft.

Als Ofschloss sief nach preziséiert, dass de Statsrot zu dësem Projet de loi säin Accord ginn huet. Ech géif deen och am Numm vu menger Fraktioun ginn, an ech soen lech Merci, datt Der mer nogelauschtert hutt.

Merci.





► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Merci. Als éischte Riedner ass den Här Emile Eicher agedroen. Här Eicher, Dir hutt d'Wuert.

## Discussion générale

► **M. Emile Eicher (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischst wëll ech emol dem Rapporteur Merci soe fir säi gudden méndlechen a schrëftlechen Rapport. Gläichzäiteg wëll ech kloerstellen, datt et sech bei deem Gesetzestext zwar ëm ee klengen an och technesch Text handelt, deen awer op deen zweete Bléck eng relativ grouss Bedeitung huet. Et geet hei virun allem ëm d'Finanzéierung vun Aarbechtsplazen am Enseignement fondamental, an indirekt do ëm gläich Unerkennung fir gläich Leeschtungen.

Dat neit Gesetz iwwert den Enseignement fondamental ass virun engem gudden Joer hei an der Chamber gestëmmt ginn. Deemools ass awer vergiess ginn, déi finanziell Bedeelegung vum Stat an der Paie vum Schoul- an Erziehungspersonal, dat net vum Stat iwwerholl gouf an am Virrang am Statut vum Gemengebeamten beschäftegt ass, ganz ze iwwerhuelen.

Dofir wäert dëst Gesetz, esou wéi de Rapporteur et elo just a sengem Rapport erkläert huet, op zwee ganz prezise Punkte geännert ginn.

Esou gëtt am zweeten Ofsatz vum Artikel 45 prezisiéiert, datt d'Käschte vum Schoulpersonal, dat dem Stat ënnersteet, net iwwert de Käschte vum Schoulpersonal, dat vun der Gemenge beschäftegt gëtt, leien däerf.

Doriwwer eraus gëtt en neien drëtten Ofsatz an d'Gesetz vum 6. Januar 2009 geschriwwen. Et gëtt festgehalen, datt de Stat bei der Berechnung vun esou enger Bedeelegung an der Käschte vum Schoulpersonal mat Gemengestatut déi ganz Part patronale vun der Pensieune mat abezitt an datt dat och mam Akraaftfriere vun deem Gesetz, dat heescht op de 15. September 2009, a Kraaft trëtt.

Et wor am Virus schonn erkläert ginn, et muss ee wëssen, datt d'Part patronale bei der Gemenge bei 20,33% läit an domat bedeitend méi héich ass wéi bei der Fonctionnaire beim Stat.

Här President, Dir gesitt also, datt et bei deem Projet net einfach just drëms geet, e Gesetz, dat net perfekt wor, unzepassen, mä datt et vill méi drëms geet, datt, éischens, d'Finanzéierung vun der Paie vum Schoulpersonal mat Gemengestatut korrekt geregelt a geséichert ass, an, zweetens, datt sech d'Gemengen an der Stat op eng gerecht Aart a Weis un deene Käschte bedeelegen.

An deem Sënn gëtt dem Leitmotiv am Gesetz vum Enseignement fondamental Rechnung gedroen, nämlech eng stabil Basis schafe fir eng fair a vertrauensvoll Zesummenaarbecht tëscht dem Stat a Gemengen. De Stat weist deemno mat deem Gesetzesprojet, datt hien och a wirtschaftlech schlechten Zäiten, déi vun Onséchereheet bestëmmt ginn, seng Verantwortung iwwerhëlt an der Gemengen an hirem Personal zur Säit steet.

Erlaabt mer, Här President, all deene Leit e grouss Merci vun der CSV-Fraktioun auszudecken, déi bei dëser schwieriger Ëmsetzung vum neie Grondschulgesetz mat vill Engagement a Kompetenz bäigedroen hunn, der Grondschul an neien Élan ze ginn. Et sinn dës Mataarbechter vum Éducationsministère, d'Schoulpersonal, d'Elteren an och d'Gemengen.

Aus all dësen Iwwerleeungen eraus ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun a bieden Iech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dësen Text och ze stëmmen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Eicher Merci. Als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Jo. Merci, Här President. Ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir säi kuerzen Bericht. Hei handelt et sech ëm, ech géif soen, technesch Aspekter zu deem Schoulgesetz. A meng Fraktioun wäert hei och hiren Accord ginn.

Ech wëll awer nach eng Kéier trotzdeem rappeliéieren, datt mer deem ganze Gesetz d'lescht Joer net zougestëmmt haten, well mer do weiderhin och nach Bedenken hunn, ënner anerem mat deem Prinzip, datt elo d'Nominatioun vum Personal net méi vun der Gemengen, mä vum Stat gemaach gëtt.

Mir haten och deemools gesot, datt mer onbedéngt e Schouldirekter an eise Grondschoule brauchen. Dat si Positiounen, déi mer och weiderhi wäerte verteidegen. An ech sinn och iwwerzeegt, datt mer an der Zukunft wäerten nach déi eng oder aner Kéier iwwert dat Gesetz hei léigférieren, well et muss nogebessert ginn.

Dat gesot, géif ech awer den Accord dann zu deenen zwee prezise Punkten hei vu menger Fraktioun hei erabréngen.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Berger Merci. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir säi méndlechen a säi schrëftlechen Rapport. An ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem Projet de loi.

► **M. le Président.**- An och Merci dem Här Adam. An als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Projet 6089 kann d'ADR och d'Accord sinn. Ech wëll awer och vläicht soen hei direkt, datt et e Projet ass, deen doraus resultéiert, datt dat Gesetz vum 6. Februar 2009 net anstänneg preparéiert war. Soss wär et jo elo net néideg, hei déi Korrektur nodréiglech ze huelen.

An net nëmmen a sengen administrativen Aspekter wor dat Gesetz net anstänneg preparéiert, mä och a sengen pedagogeschen Aspekter. Mir haten hei schonn e puermol driwwer geschwat.

Mä wa mer scho vum Personal schwätzen, wat an der Schoule schafft, da wëllt ech awer d'Geleeënheet huelen, fir d'Madame Minister op d'Situatioun vun der Chargé-de-coursen unzschwätzen. Mir hu verschidde Kategorien an där vu Chargé-de-coursen - mir hunn der, déi fir der Stat a fir d'Gemenge schaffen; mir hunn der à durée déterminée, à durée indéterminée -, an et wär ganz interessant, vläicht och emol gewuer ze ginn, wéi dann déi statutaresh Froen an deem Zesummenhang vun der Regierung gesi ginn.

A wa mer schonn d'Chance hunn, hei iwwer eis Schoulen ze schwätzen, well et ass e wichtige Sujet, da wëllt ech awer och déi Froen eng Kéier opwerfen, déi vu grousser Aktualitéit ass. An dat ass déi vun all deene jonke Leit, déi d'Schoulen ofbriechen, ouni Diplomer ze hunn. A wann d'Madame Minister hei d'Wuert hält herno, da kéint se eis och vläicht eng Kéier soen, wat se gedenkt ze maachen, fir där Situatioun Här a Meeschter ze ginn. Ech wëll just och feststellen, datt ënnert deene jonke Leit, déi d'Schoul ouni Diplomer ofbriechen, eng ganz héich Zuel virun allem och vu Jongen ass.

Eng lescht Fro, an ech profitéieren heivun, fir déi do Froen ze stellen, dat ass dee „Boys' day“ a „Girls' day“ deen elo organisiert gëtt an nächster Zukunft. Ech froe mech, wann do e puer honnert Kanner deelhuele, wéi eng Konsequenzen dat huet op der Schoulbetrib an op déi aner Kanner, déi net do deelhuele; wéi dat organisiert ass.

Et wär sécher gutt - an do wär et interessant, der Madame Minister hir Meinung ze héieren -, fir dat vläicht op fräie Mëtter - oder gëtt dat gemaach? - oder a Schoulvakanzen ze organiséieren, fir datt der Schoulbetrib net gestéiert gëtt duerch esou Initiativen an deem dote Genre.

Voilà! Ech si gespaant op Är Äntwerten. Ech soen Iech villmools Merci.

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Ass dat eng Froestonn hautdësdags?

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. An elo huet... Neen, elo kënnt d'Madame Ministesch drun.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Mir kommen ni zu Wuert.

## (Interruption)

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Jo, Här Gibéryen.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe Merci dem Rapporteur an och meng Virriedner. Dat Gesetz, e klengt Gesetz, wat der Mëtter d'Chamber wäert da stëmmen, dat ass effektiv technesch. Ech wollt just e puer Prezisiounen ginn.

Am Prinzip ass et jo esou, dass an der Grondschul alleguerten d'Leit, déi intervenéieren, vum Stat ugestallt sinn. Si sinn iwwerholl ginn an also och vum Stat bezuelt ginn, ausser déi Leit, déi aus verschiddenen Ursachen nach bei der Gemengen ugestallt sinn. An, fir dass déi kënnen an der Schoul intervenéieren, gi Konventiounen mat der Gemeng gemaach.

Dat heescht, mir hunn... De Stat huet elo säit der Rentrée ronn 800 Chargéen iwwerholl, déi virdru bei der Gemengen e Kontrakt haten. Déi sinn elo beim Stat à durée indéterminée agestallt. Da sinn e puer eenzel Chargéen, déi aus perséinlechen Ursachen net wollten iwwerholl ginn, déi bleiwen da bei der Gemeng.

An dann hu mer eng zweet Kategorie. Dat sinn déi, déi Fonctionnaires communales waren. Dat sinn haaptsächlech déi zweet Intervenanten am Précoce. Dat si jo keng Schoulmeeschteren a Léierinnen, mä dat sinn Éducateuren. Déi haten e Statut als Fonctionnaire communale. A fir déi ze iwwerhuelen, mussen mer en extrat Gesetz maachen, well do mussen d'Carrière gekuckt ginn, fir dass déi ugepasst ginn zwëschent der Gemeng an dem Stat, fir dass d'Leit an der Carrière net ze vill en Duerjernee kréien.

An dat sinn... Duerfir hu mer der Gemenge Konventiounen geschéckt, fir dann alleguerten déi Leit, déi elo nach intervenéieren an der Schoul an nach e Statut hu vun der Gemeng, dass mer der Gemengen déi Fraisë kënnen rembourséieren.

An do steet am Gesetz vum Januar 2009, dass der Stat dat bezilt, wat e géif bezuelen, wa se beim Stat wäeren. A vu, dass awer d'Gemenge vill méi eng héich Contributioun an d'Caisse de prévoyance vun der Fonctionnaires an Employés communaux, an dat da méi gëtt wéi dat, wat der Stat géif bezuelen, wa se beim Stat ugestallt wäeren, hu mer dann elo décidéiert, mir géifen dann der Gemengen alles rembourséieren. Dat heescht, déi 20,30%, déi d'Gemeng muss bezuelen an d'Pensiounskeess vun der Fonctionnaires communaux, déi géif der Stat dann der Gemengen och mat fir der Calcul en compte huelen.

Dat do ass et, den Objet vun deem Gesetz. A méi ass et och net. Wat d'Chargéen ugeet - wéi gesot, ech mengen, ech hätt dorobber geäntwert -, déi sinn iwwerholl gi vum Stat; alleguerten déi, déi sech ugemellt hunn.

An da gëtt et effektiv eng Rei Leit, déi en neie Kontrakt hunn: Chargés à durée indéterminée. Dat sinn déi Leit, déi ersetze ginn. Dir wësst, dass mer Leit sichen, déi ersetze ginn, well mer e Mangel u Remplaçanten hunn. An ech mengen, dass mer dat alles no der Regele vun der Fonction publique, wéi dat muss sinn, esou maachen.

Wat d'Fro vun.... Wat zwar näischt mam Gesetz ze dinn huet; mä all Fro ass jo ëmmer gutt an all Kontext. Mir beméien eis fir d'Décrocheuren. Ech mengen, mir ginn all Joer e Rapport eraus, wou mer do dru sinn. D'ALJ suivéiert déi jonk Leit. Mir kucken, se zréck an d'Schoul ze kréien. Mir hunn der Projet École de la deuxième chance. An ech denken, ee wichtegen Usatz ass deen, fir eis Kanner esou opwuesen ze loosse, dass se esou mann wéi méiglech Écheur hunn an dass mer se guer net aus der Schoul fortgoe loosse ouni Certificatioun.

A wat den „Girls' day, Boys' day“ ugeet, ass dat ee feste Bestanddeel säit Jore vun der Lëtzeburger Schoul. Et gëtt och... Et ass eng Evolutioun regelméisseg gemaach. Do gëtt och ëmmer erëm gesot, wéi interessant a wéi wichteg dass et ass, well jo d'Orientatioun vun der Jongen an der Mee-

dercher awer och eng Aufgab ass vun der Schoul, fir hinnen ze weisen, wat et am Beruff vu Méiglechkeete gëtt. An deenen zéng Joer, säit et dat gëtt, ass d'Schoul do-duerjer net perturbéiert ginn.

Merci, Här President.

► **M. le Président.**- Merci, Madame Ministesch. Domadder wär d'Diskussioun iwwert dëse Projet de loi ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëmmung.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. Also, ech géif Iech bieden ofzestëmmen.

De Vote ass ofgeschloss. De Projet de loi ass ugehall mat 57 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6089 est adopté à l'unanimité des 59 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Paul-Henri Meyers), Ali Kaes (par M. Fernand Boden), Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Lucien Thiel), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Félix Eischen);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

## (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

## 10. Motion de M. Jacques-Yves Henckes relative à la stratégie d'achat pour des achats publics durables et un mémo des administrations éco-responsables (suite)

Ech géif da proposéieren, vu datt der elo alleguerten déi Motioun ausgedeelt kritt hutt vum Här Henckes a vu datt d'Regierung mat där Motioun d'Accord ass, datt mer direkt doriwwer och nach géifen ofstëmmen. Vu datt do e grouss Konsensus ass, ginn ech dervun aus, datt mer mat engem Vote par main levée kënnen ofstëmmen.

## Vote sur la motion

Wien ass mat där Motioun d'Accord?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Da wär domadder déi Motioun mat der Unanimitéit vun der Chamber ugehall.

Als nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut hu mer eng Aktualitéitsstonn, déi d'Fraktioun vun deene Gréngen iwwert d'Medienerzéiung ugefrot huet, an duerno eng Orientéierungsdebatt iwwert dësen Aspekt vum Rapport 2009 vum ORK. D'Riedezäit ass folgendermoos festgeluecht: Hei gëtt d'Riedezäit souwuel vun der Heur d'actualité wéi vum Débat d'orientation zesummegezielt. An et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Ber-